N° 8025
Entrée le 27.06.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op parlamentaresch Fro Nr. 8025 vun der honorabeler Deputéiert Martine Hansen**

**Ad 1)**

Vu de Succès vun den internationale Schoulen, sief et zu Déifferdeng, zu Clierf, zu Munneref, zu Jonglënster, zu Miersch oder an der Stad Lëtzebuerg, ass de Staat mat verschiddene Gemengen a Kontakt fir ze préiwen, ob et Méiglechkeete ginn, fir de Reseau vun internationale Schoulen auszebauen. Aktuell sinn dat d'Gemenge Schëffleng, Diddeleng a Suessem.

**Ad 2)**

Kee Kand soll opgrond vu senger Hierkonft oder dem sproochlechen Hannergrond vu sengem Elterenhaus an der Schoul en Nodeel hunn. Am Géigendeel soll all Kand déi selwecht Chancen hunn. Dofir soll Däitsch net déi eenzeg Sprooch sinn, an där e Kand zu Lëtzebuerg alphabetiséiert gëtt; donieft ginn och Schoule gebraucht, déi no engem anere Sproocheregime funktionéieren, wéi dëst am nationale Schoulsystem de Fall ass. Fir dem Succès vun den internationale Schoule gerecht ze ginn, gëtt dofir envisagéiert, déi international Offer weider auszebauen.

Lëtzebuerg, de 27. Juni 2023

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH